N°2426
Entrée le 08.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

**Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil, Max Hahn op d'parlamentaresch Fro n°2426 vum honorablen Deputéierte Marc Goergen betreffend d'Hëllefe vun den Offices sociaux**

Ass et dem Office social erlaabt, trotz dem Passage am Gesetz, net mussen d'Energierechnung ze bezuelen, wann de Subside guer net dofir genotzt ginn ass?

D'Gesetz vum 18. Dezember 2009 iwwert d'Sozialhëllef gesäit vir, dass den Office social Energierechnungen kann iwwerhuelen, wann d'Konditioune fir d'Hëllef erfëllt sinn. Et handelt sech ëm eng subsidiär Hëllef, dat heescht se gëtt nëmmen dann accordéiert, wann d'Persoun net fäeg ass hir Rechnungen aus eegene Mëttel oder duerch aner Hëllefen ze bezuelen.

Et opläit dem Conseil d'Administration vum Office social, all Demande fir eng finanziell Hëllef individuell ze evaluéieren. Dës Evaluatioun geschitt am Kader vun enger „enquête sociale", an där déi sozial a finanziell Situatioun vun der betraffener Persoun oder Famill analyséiert gëtt. D'Enquête féiert och zu Proposen, wéi sech déi Situatioun kéint nohalteg verbesseren.

Am Fall wou eng Persoun scho Subsidë wéi d'Energieprimm oder d'Allocation de vie chère krut, awer dës net fir hire virgesinnen Zweck benotzt huet, gëtt dat an der Enquête analyséiert. Den Office social huet also Kenntnis doriwwer, ob d'Moyenen zwar disponibel waren, awer net geziilt agesat goufen, a kann deemno ofweien, ob eng zousätzlech Hëllef gerechtfäerdegt ass oder net.

Et soll och drun erënnert ginn, dass eng finanziell Hëllef vum Office social a Form vun engem Secours oder enger Avance kann ausbezuelt ginn. Am Fall vun enger Avance ginn d'Sue vum Bénéficiaire un den Office social zréckbezuelt.

Zousätzlech erlaabt den Artikel 7 vum Gesetz, dass den Office social Konditioune mat enger Hëllef verbënnt, wéi z. B. eng „gestion financière volontaire". Wann eng Persoun dës Begleedungsmoossnamen net akzeptéiert oder widderholl géint d' Vereenbarunge verstéisst, kënne weider finanziell Hëllefe ganz oder deelweis refuséiert ginn.

Dëst stellt sécher, datt déi ëffentlech Mëttel responsabel a gerecht verdeelt ginn.

Lëtzebuerg, den 8. Juli 2025

Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn